



Am Kontext vun der Flugsécherheet wëll ech nach drun erënneren, datt eng Question parlementaire vu mir vum 16. Januar, also viru méi wéi dräi Méint, iwwert d'Divergenzen tëschent der Administration de la navigation aérienne an der Direction de l'Aviation civile, iwwert d'Divergenze wat d'Applikatioun vun den europäeschen Direktiven ubelaangt, nach ëmmer net beäntwert ass, wuel wëssend, datt et awer keen direkte Lien do dertëscht gëtt an deem heitege Projet. Mir als DP-Fraktioun fannen dat net seriö a mir hoffen, datt mer gläich eng Äntwert op dës Fro kréien.

Wat de Projet vun haut ubelaangt, wëll ech selbstverständlech den Accord vun der DP-Fraktioun ginn.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Etgen. Dann hätt ech just nach als Riedner den Här Urbany agedroen. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Dee Projet hei, dee geet op den europäeschen Traité an op eng Direktiv vun 2009 zréck, déi méiglechst niddreg Flughafegedübre fir Fluggesellschaften ustriert. All Erhéijung vu Gebühre muss dokumentéiert a gerechtfertegt ginn. D'Fluggesellschaften müssen domat d'accord sinn, soss entscheet eng onofhängeg Regulatiounsgesellschaft.

D'Regierung wollt zwar eng Ausnahm fir Lëtzebuerg kréie virum Europäesche Geriicht, huet awer verluer. An interessant ass do virun allem an deem Urteel d'Argumentatioun vum Geriicht. Et huet gesot, zu Hahn an zu Charleroi, déi jo geholl ginn als Beispill dacks hei, drécken d'Low-Cost-Fluggesellschaften souwiso op d'Präisser, well et do vill op d'Präisser ukënnnt bei deene Leit, déi mat deene Low-Cost-Gesellschaften fléien.

Zu Lëtzebuerg awer, wou et virun allem eng Clientèle vu Geschäftsleit gëtt, deenen eigentlech d'Präisser egal sinn, deenen et virun allem drop ukënnnt, méiglechst no hei bei der Stad ze landen, muss een iwwert deen heite Wee Drock op d'Regierung als Bedreierin vum Findel maachen, fir d'Präisser ze senken.

A wie seet, Drock vun de Fluggesellschaften op d'Präisser, seet natierlech manner Einnahme fir de Stat, an dat heescht erëm eng Kéier Drock op d'Léin vun deem Personal, wat do schafft. Dat heescht och Drock op d'Ëmweltbedéngungen, zum Beispill eng Duerchlächerung vum Nuetsverbuet.

An et ass wuel keen Zoufall, dass sech elo an dëser Zäit déi éischt Low-Cost-Fluggesellschaft schonn zu Lëtzebuerg ugemellt huet. An dobäi gesäit eigentlech den europäeschen Traité vir, dass een och dem regionalen Aspekt vun engem Flughafen bei där heiter Regelung ka Rechnung droen.

Dat ass awer eng Bestëmmung vum Traité, op déi d'Lëtzeburger Regierung sech virum Geriicht net beruff huet. Firwat? Well se jo selwer de Flughafen gesäit am Kader vun enger Konkurrenz géint déi aner Flughäfen ronderëm. Et kann een also soen, dass am Fong geholl hir eege Konkurrenzpolitik hei hir op d'Nues fält!

Ech stëmmen géint dat Gesetz hei, wat am Fong geholl nëmmen e Gesetz ass fir d'Deregulierung an de Präisdrock am Aviatiounssektor unzedriewen. D'Lëtzeburger Regierung huet sech op eng Rei Argumenter beruff, awer, mengen ech, net op déi richteg Argumenter, déi een hätt misse gebrauchen, fir hei ze rechtfertegen, dass dat Gesetz hei sech net, dass déi Regelung hei sech net op Lëtzebuerg unwennt.

Ech soen Iech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Urbany. D'Wuert kritt elo den Här Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Merci, Här President. Just e puer Remarquen, déi ech ze maachen hunn, nodeem datt ech selbstverständlech dem Rapporteur Marc Spautz an der Kommissioun Merci gesot hu fir déi gutt Aarbecht, déi hei gemaach ginn ass.

Wann ech den Här Urbany richteg verstanen hunn, war hie jo am Prinzip mat eis d'accord, datt mer géint déi Direktiv hei ugesicht hunn, well hie jo och dergéint ass.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Jo.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Hien huet just gesot, mir hätten déi falsch Argumenter geholl, fir unzesichen. Mir hunn déi Argumenter geholl, wou mer gehofft hunn, datt mer

géife gewannen, wou mer ugesicht hunn. Mir hunn awer, muss ech feststellen a muss Dir och feststellen, hei net gewonnen.

Mir sinn an där Situatioun, an där Konkurrenz-situatioun mat eisem Flughafen a mir musse probéieren an Zukunft och all déi Argumenter op eis Säit ze kréien, déi eis kënnen an deem Konkurrenzkampf, wou mer sinn, mam Flughafen och kënnen bestoe loosse. Do wäerte mer och dat Bescht maachen, fir all déi Argumenter op eis Säit an deenen nächste Joren ze kréien.

Mä Dir wësst et, an der Aviatioun, ob dat elo am Cargo-Business ass oder ob dat am Passagier-Business ass, ass d'Konkurrenz grouss an ass de Kampf an deene leschte Joren extrem staark.

Ech wëll dem Här Etgen äntweren. Ech hat gemengt, mir hätten op seng Question parlementaire hei mëndlech geäntwert, well ech zweemol hei Stellung geholl hunn. Wann dat net de Fall ass, kucke mer dat direkt, datt Dir sofort eng Äntwert kritt. Dann deet et mer leed, dann entschëllechen ech mech. Mä selbstverständlech, wann dat net de Fall ass, kritt Dir kuerzfristeg eng Äntwert vun eis zougestallt.

Ech soen Iech Merci fir d'Zoustëmmung zu deem Gesetz.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Nohaltegkeetsminister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6310 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6310 ass ugehall mat 57 Jo-Stëmmen, géint 1 Neen-Stëmm.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi n°6310 est adopté par 58 voix pour et 1 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par Mme Nancy Arendt), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Félix Eischen), Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Serge Wilmes), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Fernand Etgen), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helmingier, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Henri Kox), François Bausch, Félix Braz (par Mme Viviane Loschetter), Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

A voté non: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6395 iwwert de Bau vun der Liaison Micheville. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Etgen, d'Madame Lorsché, den Här Kartheiser an den Här Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

9. 6395 - Projet de loi relatif à la construction de la liaison Micheville entre la route N31 et l'autoroute A4

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Kolleginnen a Kollegeen, de Projet, deen ech Iech elo virstellen, ass en eminent wichtige Projet fir de Site Belval a fir d'Uertschaft Esch. Well och Esch an d'Gemeng Suessem, déi niewendru läit, déi och deelweis deen Terrain do mat huet, gi mat deem Projet enorm entlaascht, an et ass eng wichteg Saach och fir d'Entwécklung vum Süden.

Mir hunn an deene leschte Joren, Méint a Woche jo verschidde Projekte vum Site Belval hei ugehall. Leschte Mount huet meng Fraktiounskollegin, d'Madame Marie-Josée Frank, op dëser Plaz de Projet vun der Ingenieurshal, der Kältezentral an dem Labo hei virgestallt. All dës Projekte si wichteg fir d'Uni an de Fuerschungsstanduert Lëtzebuerg. An all dës Projekte müssen agebett sinn an e Verkéierskonzept, well aneschtens et wäert onméiglech sinn, dass mer de Verkéier packen, dat op der Route Nationale 31 wéi och op der Autobunn A4.

Jiddweree vun eis ass bestëmmt schonn eng Kéier Richtung Belval gefuer an huet misse feststellen, dass momentan dat eng eenzeg grouss Baustell ass, an dass och eng relativ chaotesch Stroosseféierung do ass, déi nawell all Woch - oder all Mount, soe mer - e bëssen aneschtens ass.

Mat deem Projet laude mir elo déi drëtt Phas an, an domat d'Fäerdegstellung vun der sougenannter Liaison Micheville, déi dann et och mat sech bréngt, dass mer e franséische Contournement kréie vun Däitsch-Oth mat eiser A4, dass och do herno eng Verbindung entsteet. De Käschtepunkt beleeft sech op 138 Milliounen Euro.

Wat gëtt elo méi konkret hei gebaut?

E Stroossenabschnitt vun 1.650 Meter tëschent der N31 an der A4 am Norde vun der Cité Raemerich; de Bau vun engem Échangeur an engem Kreesverkéier beim Crassier Éilereng an de Raccordement vun deem mam Rond-point Raemerich; de Bau vun enger Bréck ënnert dem Kreesverkéier Éilereng. Des Weidere sinn an dëser leschter Phas d'Behandlung vun deem verschmotzte Buedem inklusiv dem Oftransport op eng Décharge virgesinn.

Dee ganze Projet vun dëser Verbindung tëschent Esch a Micheville a Frankräich huet d'Zil, den Accès op Belval ze vereinfachen, andeems d'Autoen den ënnerirdeschen Tunnel huelen, dee mat den Hauptachse verbonnen ass. Doderuch ginn d'Stroosse ronderëm Esch a Suessem entlaascht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat d'Chance, mat deenen zoustännege Leit de Chantier eng Kéier kucken ze goen, wéi en elo ass. A wann een do gesinn huet, wat alles leeft, weess een, dass et och wichteg ass, dass mer elo déi drëtt Phas maachen, fir dass mer dann och definitiv déi Strooss opkréien.

E kuerze Réckbléck iwwert de gesamte Projet vun der Liaison Micheville.

Si huet eng Gesamtlängt vun 3.300 Meter op zweemol zwou Bunnene. Vum Échangeur Lankelz gëtt d'A4, déi am Moment jo um Rond-point Raemerich ophält, déviéiert a verlängert. Vum Norden no Süde leeft se laanscht d'TGV-Zentral, de Site vum Crassier Éilereng, den Terrain vun der SOTEL, de Plateau du St-Esprit - selbstverständlech net deen hei an der Stad, mä deen um Belval - a verleeft dann ënnerirdesch duerch Belval, fir da schlussendlech op engem neie Rond-point unzekommen.

Den Hauptbestanddeel vum Projet ass den iwwerdeckten Tunnel vun enger Längt vu 735 Meter. Dräi nei Échangeure sinn néideg fir d'Ubannung un dat bestehend Stroossennetz: deen éischte fir d'Verbindung mam Crassier Éilereng an d'Quartiere vun Esch; deen zweeten, südwestlech vun der Cité Raemerich, ass fir d'Desserte Nord vu Belval, an deen drëtte garantéiert op der franséischer Säit déi lokal a regional Ubannung souwéi den Accès op Belval-Süd an och an déi Belvaler Strooss fir Biele.

Ech hu virdru gesot, dass dëst déi drëtt Phas vum Projet ass. Dat ergëtt also, dass mer schonn zwou Phase virdrun haten. D'Gesetz vum 3. August 2005 huet déi éischt Phas fräiginn, mat engem Budget vu 76 Milliounen Euro. Hei ware virun allem Virbereedungsarbeiten an d'Drostruktur vum Tunnel virgesinn, wéi och den Accès op de Square Mile.

D'Gesetz vum 29. Juli 2008 war den Ufank vun der zweeter Phas, mat enger Enveloppe budgétaire vun 115,5 Milliounen Euro, mat deenen d'Gros œuvre vum Tunnel sollt fäerdeggestallt ginn, gradesou wéi d'Voiriesarbeiten am Tunnel, de Bau vun engem Kreesverkéier, verschidden Ubannungen, wéi ënner anerem déi vum Rond-point Raemerich, an d'Behandlung vum verschmotzte Buedem.

De Projet vun haut soll dann déi lescht Phas ugoen um Schluss vun där Liaison Micheville, ier d'Liaison Micheville soll a Betrib geholl ginn. Wéi scho gesot, ass hei e Budget vun 138 Milliounen virgesinn.

Mir wëssen och - a mir hunn alleguerter jo e Courier och kritt - vu verschiddene Mouvementer, déi soen, dass dat net gutt wier, wa mer dee Projet haut de Mëtteg géife stëmmen, well do Problemer op franséischer Säit wieren. Ech wëll awer dozou soen: Éischtens kënnen mer eise franséische Kollegeen net soen, wat se ze maachen hunn, mä dass et do déi jeeweileg Instanze sinn, déi dofir zoustänneg sinn.

An zweetens: dass laang Jore verhandelt ginn ass tëschent Lëtzebuerg a Frankräich, fir endlech déi Léisung do ze fannen, dass a) de Site vu Belval - wou deemools de Michel Wolter belächelt ginn ass, wéi en domat komm ass, fir deenen Industriebrachen en neit Liewen anzehauchen - awer haut beweist, deen Intérêt vun all deene Leit, déi do sinn, wéi interessant dat war; dass et zweetens wichteg ass, dass de Verkéierschaos vun der Gemeng Suessem, virun allem der Uertschaft Biele, awer och Esch, dass déi missten entlaascht ginn, dass et richteg war, dës Entscheidung ze huelen an dass et och elo net un eis ass, de franséische Kollegee virzeschreiwen, wat se ze maachen hunn, wou och do scho Prozesser gefouert sinn, wuel wëssend, dass och elo franséisch Organismen op europäeschem Niveau usichen, esou ass et awer wichteg,...

(Interruptions)

► **M. le Président.**- Ech bieden Iech, dem Här Spautz nozelauschteren!

(Interruptions)

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur*.- ...dass mer awer och elo wëssen, dass op europäeschem Niveau do wäert ugesicht ginn. Mä et ass net un eis Lëtzeburger, hei elo dat Ganzt ze stoppen, mä dass dat endlech soll och zu engem Enn gefouert gi vun eiser Säit.

Zielt een déi dräi Phasen awer elo zesammen, esou kënnst ee fir déi Strooss op e Gesamtchiffer vu ronn 330 Milliounen.

Här President, e Problem, dee sech meeschtens bei der Sanéierung vu fréieren Industriesite stellt, ass dee vum verschmotzte Buedem, deen d'Industrie hannerléisst. Mir wëssen et all, och Belval ass heivun net verschount bliwwen. An dat si jo ëmmer extrem finanziell Posten, wat esou eng Opbereedung vum Buedem kascht!

Et gëtt hei verschidden Alternativen, zum Beispill, dass een e Gruef aushieft, no ënnen isoléiert, da mat Buedem volltippt, no uewen zouisoléiert an dann zum Beispill eng Autobunn driwwerfuere léisst. Genau dat hu mer gemaach um Terrain laanscht d'TGV-Zentral.

Wann Dir Belval awer virun Aen hutt, wësst Dir, dass do Kubikmeteren a Kubikmeteren vun esou Buedem leien. An déi grad erkläerte Method ass zudeem extrem kostspilleg an et ass momentan nach méi bëleg, awer sécherlech net onbedéngt méi nohalteg, de verseuchte Buedem an d'Ausland ze exportéieren, wou en da fachgerecht entsuergt ka ginn.

Mä soulaang et méi bëleg ass, dat ze maachen, wier et jo awer och Nonsens, wa mer géifen dann hei net vun där Geleeënheet profitéieren. D'autant plus wou mer wëssen - an ech hat d'Geleeënheet, scho bei engem anere Projet hei doriwwer ze schwätzen -, dass mer jo nach esou Siten hunn.

Ech denken drun, wéi mer Rieds haten iwwert de Lycée Hubert-Clément, firwat deen net konnt op d'Friché vun Terres Rouges gesat ginn. Ech denken un d'Schmelzen, déi jo elo agemott ginn - dat ass jo dat neit Wuert an der Lëtzeburger Siderurgie, dass mer vun „amot-ten“ schwätzen -, dass do och nach wäerten eng Kéier Site kommen, wou relativ vill Buedem ze sanéieren ass, dass een dann eng Kéier muss droegen. Mä soulaang et méi bëleg ass, et am Ausland ze entsuerge wéi hei am Land ze behandeln, mengen ech, ass dat dee richteg Wee.

D'Gesetz vum 2008 iwwert d'Liaison Micheville hat fir de verseuchte Buedem e Poste vu bal 23 Milliounen virgesinn. Ech wëll awer soen, dass déi Délaien, déi am Gesetz virgesi waren, net konnten agehale ginn, fir all dee Buedem hei am Land ze entsuergen, well och méi Meter Kibb do waren, wéi am Ufank gemengt, a mir hu missen op d'Alternativen zréckgräifen. An dat ass eben, wéi gesot, eng Décharge, déi sech dorobber spezialiséiert huet an Däitschland.

Zu deem Zäitpunkt hunn dës Terrainen awer och nach net dem Stat gehéiert, mä der Agora. An dat war eréischt duerno, nodeems déi Terrainen dépolluéiert waren, dass de Stat der Agora en Deel vun den Terrainen ofkaaft huet fir ronn 15 Milliounen. Dir gesitt, dëst alles si keng kleng Montanten, déi hei am Spill sinn, an et ass extrem wichteg, dass dës Terrainen uerdentlech dépolluéiert ginn, ier nei drop gebaut gëtt.

Här President, Kolleginnen a Kollegeen, ofschléissend wëll ech nach soen, dass de Statsrot mam Projet averstanen ass. Just, wéi scho méi oft, huet e reklaméiert, dass mer géife bei der Liaison Micheville esou e kleng Saucissonnage vum Gesamtprojet maachen. En hätt et léiwer gehat, wa mer ee gemeinsam Gesetz doriwwer gestëmmt hätten. Awer quant au fond huet e kee Problem.

Dëst ass ee wichtige Projet fir de Site Belval a fir de Süde vum Land. Mir hunn an de leschte



Jore vill Geld an Häerzblutt an déi Siten investéiert. Dofir ass et richtig, dass mer elo mat dësem Projet déi néideg Stroosseverbindunge vum der Liaison Micheville ofschléissen. An ech géif lech alleguerte bieden, dësem Text zouzestëmmen. En ass wichteg fir eis Stroossestruktur, en ass wichteg fir d'Ëmwelt an en ass och wichteg fir d'Entwécklung vum eisem Land.

Ech soen lech Merci an ech ginn och heimadder d'Zoustëmmung vum der CSV-Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass den Här Etgen agedroen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Fernand Etgen (DP), remplaçant M. Eugène Berger.** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech maachen dës Interventioun am Numm vu mengem Fraktiounskolleeg, dem Eugène Berger, deen haut fir d'Chamber am Ausland ass, fir fir d'Éischt emol dem Rapporteur, dem Kolleeg Marc Spautz, Merci ze soe fir säi prezise schrëftlechen a mëndleche Bericht.

Dëse Projet ass eng weider Etapp am Hibleck op d'Entwécklung vum der Industriefrichen op Esch/Belval, well mat deem virleienden Text gëtt déi drëtt a lescht Phas vun der Hauptverkéiersoder um Site vun Esch/Belval realiséiert an eist Autobunnsnetz un dat franséisch ugebonnen. Dëse Projet ass d'Basis fir d'Grondakzeptanz vum Projet Belval.

Als DP-Fraktioun si mir selbstverständlech d'Accord mat dësem Projet, well d'Ubannung vum dem Lëtzebuerger Stroosseréseau, dat heescht vum der Escher Autobunn un de franséischen Autobunnsréseau ass eppes, wat scho laang gewünscht ass.

Dëse Projet steet dann och ganz besonnesch a Relatioun mat där dynamescher Entwécklung, déi mer am Süde vum eisem Land kenne mat de Friches industrielles op Belval an deenen anere Frichë ronderëm Éilereng, mat zousätzlechen Aktivitéiten, déi dann och wäerten an déi ganz Regioun kommen an déi jo forcément, ob mer dat elo wëllen oder net, méi Individualverkéier wäerten unzéien.

Duerfir brauche mer awer och dréngend eng Verstärkung vum der Zuchinfrastrukturen am Süden. Schonn haut ass d'Autobunn Esch-Lëtzebuerg an de Stoussstonnen iwwerlaascht. Mat där weiderer Entwécklung vum Süde risquéiert op dëser Streck ee richteg Verkéierschaos ze entsoen. Déi direkt Zuchlinn Lëtzebuerg-Esch ass an eng drëtt Phas verluecht ginn, wat nëmmen heescht, dass dës Regierung se net wäert bauen. Eng adequat Alternativ zu dëser Linn huet d'Regierung awer bis elo nach net op den Dësch geluecht.

Ofschléissend wëll ech de Wonsch ausdrécken, dass mer esou séier wéi méiglech op där selwechter Plaz an zum selwechte Moment erauskomme wéi d'Fransousen, wat dëse Projet ubelaangt. Dat schéngt de Moment awer net ganz garantéiert ze sinn, duerch Plaintë vum Ëmweltorganisatiounen bei der EU-Kommissioun.

Dann erënnert de Projet vum der Liaison Micheville eis och nach un een anere Projet, dee mer dagdeeglech aus de Staumeldungen am Süde kennen: dee vum Échangeur Helleng. An ech wëll vum dëser Diskussioun profitéieren, fir de Minister kuerz ze froen, wou mer mat dësem Projet dru sinn.

Erlaabt mer awer och nach zum Schluss, Ponts & Chaussées fir déi gutt Informationspolitik vum der Leit, vu Ponts & Chaussées un d'Leit aus dem Quartier ze félicitéieren an hinnen duerfir Merci ze soen.

Ofschléissend wëll ech soen, dass d'DP dëse Projet wäert stëmmen an dass mer doranner och ee wichtige Schrëtt gesi fir déi weider Rekonversioun vum enger ganzer Regioun am Süde vum eisem Land.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - An ech soen dem Här Etgen Merci. Als nächste Riedner ass d'Madame Lorsché agedroen.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, grad wéi den Här Marc Spautz als Rapporteur vum dësem Projet a wéi den Här Etgen vum der DP vertritt och déi gréng Fraktioun d'Meenung, dass d'Liaison Micheville net nëmmen zu der Beliewung vum Esch/Belval bäidréit, mä d'Verkéiserssituatioun ronderëm Esch och insgesamt verbessert. Aus ekonomeschen a soziale Grënn ass de Bau vum dëser Verbindung also duerch aus ze verrieden. Dofir si mer och der Meenung, dass de Projet vum der Liaison Micheville soll eng Suite kréien.

Mat dësem Gesetz, wat d'Finanzéierung vum der drëtter a leschter Phas vun där Verbindung soll erlaben, di mir eis allerdëngs schwéier. Quitte dass d'Ëmsetzung vum Projet zum gréissten Deel an der Hand vum der franséischen Autoritéit läit an ënnert der Maîtrise d'ouvrage vum der Conseils généraux Moselle a Meurthe-et-Moselle soll duergefouert ginn, engagéiert de Lëtzebuerger Stat sech awer net ze knapps bei der Finanzéierung vum der Infrastrukturen.

Wann een d'Käschte fir d'Entsuerung vum versuchte Buedem op lëtzebuergeschem Territoire vum Gesamtbetrag ofzitt, da bleiwen ëmmerhin nach 114,5 Milliounen Euro, déi Lëtzebuerg fir de leschten Deel vum dëser Ubannung investéiere wëllt, déi a Frankräich weiderleeft.

Am Prinzip begreisse mir als Gréng all Investissement, wat déi grenziwwerschreidend Zesumenaarbecht op eng nohalteg Aart a Weis fördert, zemoos och, wann et ëm déi ekonomesch, sozial a kulturell Beliewung vum Esch/Belval a vun de Südgemege geet. Allerdëngs huet dëse Projet en Hoken.

Bewisenermoosse weist den Terrain, op deem d'Strooss soll gebaut ginn, a Frankräich eng héich Biodiversitéit op a läit op Lëtzebuerger Säit tëschent zwee Natura-2000-Gebidder, dat eent zu Esch, dat anert zu Déifferdeng, déi evidenterweis duerch de Bau vum dëser Strooss a Gefor kënne geroden. Trotzdeem ass bei der Planung vum der Strooss keng Strategesch Ëmweltpräiwung duergefouert ginn an trotzdeem si keng alternativ Tracéen am Detail analyséiert ginn, woumat déi europäesch Gesetzgebung net an allen Hisiichte respektéiert gëtt.

Et ass dofir kee Wonner, dass net manner wéi dräi franséisch an zwou Lëtzebuerger Ëmweltschutzorganisatiounen reagéiert hunn, an dat mat enger Plainte bei der Europäescher Kommissioun, sou wéi den Här Spautz an den Här Etgen et och ugedeit hunn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och wann d'Plainte sech géint Frankräich riicht, si mir net der Meenung wéi den Här Spautz, dass Lëtzebuerg elo de Kapp an de Sand sollt stiechen. Souwuel d'Mëssuechtung vum der Prozedure wéi och de Schutz vum der Natur ginn eis net nëmmen e weínege, zemoos, well mer eis hei och mat 114 Milliounen an e weínege méi engagéieren. Onofhängeg dovun besteet de Risiko, dass de Projet opgrond vum der Plainte op EU-Niveau blockéiert gëtt a mir da méi ze verléieren hu wéi ze gewannen; haaptsächlech verléiere mer vill Zäit.

D'Wahrscheinlechkeet, dass d'Plainte recevabel ass, besteet an eisen Aen ëmsou méi, well 20% vum der Käschten iwwer europäesch Fongen ofgedeckt ginn. Ob dat Geld och fléisst, wann déi europäesch Virschrëften net respektéiert ginn, ass eng Fro, déi gradesou berechtigt ass wéi déi, ob mir eis eegen Natura-2000-Zone wëlle schützen oder net.

Amplaz also just Geld zur Verfügung ze stellen an der Hoffnung, dass dat Europäescht Geriicht bei dësem Projet duerch d'Fangere kuckt, fuerdere mir déi zoustänneg Ministeren an dësem Dossier op, aktiv ze bleiwen an Drock op Frankräich ze maachen.

Éischtens misst eng grenziwwerschreidend Impaktstudië realiséiert ginn, fir d'Auswierkunge vum dësem Projet op déi natierlech Liewensraum ze analyséieren, an zweetens misst all aner Variant vu Grond op gepréift ginn, fir den ekologesch sënnavollsten Trajet kennen ze realiséieren. En Tracé, dee manner zerstéiert a méi effikass ass an dee virun allem net zu engem zweeten Échangeur Helleng wäert féieren!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et geet hei net nëmmen drëm, dat europäescht Recht ze respektéieren, mä et muss och drëms goen, eis eege Rechter wouerzehuelen, fir dass Esch/Belval sech weiderhin am Respekt vum der Natur entwéckele kann an domat dem Prinzip vum der Nohaltegkeet trei bleift. Well déi zwou Bedingungen hei net garantéiert sinn, wäert déi gréng Fraktioun sech bei dësem Vote enthalen.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.** - Merci der Madame Lorsché. Als nächste Riedner ass den Här Engel agedroen. Den Här Engel huet d'Wuert.

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem Här Spautz fir säin exzellente Rapport a seng Explikatiounen, déi e ginn huet. En huet gesot, dass et en extrem wichtige Projet wier. Ech kann deem nëmmen zoustëmmen. Déi drëtt Phas ass eng logesch Konsequenz vum Décisiounen, déi 2005 an 2008 hei geholl goufen, Décisiounen, déi scho préliminaire waren op dës Décisioun, déi dann haut wäert fale fir déi drëtt Phas, déi ganz wichteg ass fir d'Regioun vum Süden, awer och fir eist ganz Land.

Alleguer déi Décisiounen, déi duerno musse fallen op franséischer Säit, musse sech natierlech an de Kader vum der Prozedur vum der Régle-

mentation communautaire aschreiwen, an do gëtt et och eng ganz Rei vu Méiglechkeeten, déi nach ze huele sinn.

Et wonnert mech e bëssen hei, d'Abstentoun vum der grénger...

► **Une voix.** - Eis net!

► **M. Georges Engel (LSAP).** - ...Fraktioun, well d'Leit an de Schäfferéit zu Suessem an zu Esch, wou jo och déi gréng mat dra vertruede sinn, déi setze sech jo scho säit Joren...

► **Une voix.** - Jo!

► **M. Georges Engel (LSAP).** - ...derfir an, dass den Accès op dëse Site besser gëtt an och d'Weiderféierung Richtung...

► **Une voix.** - Mir och, mir och!

► **M. Georges Engel (LSAP).** - ...Frankräich endlech Realitéit gëtt, an duerfir wonnert dat heite mech elo ganz staark, well bis elo och vum där Säit do net grouse Géigewand komm ass.

► **M. François Bausch (déi gréng).** - Ech mengen, Här Engel,...

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Mir brauchen eng dynamesch Entwécklung...

► **M. François Bausch (déi gréng).** - Ech mengen, Här Engel, wann Der gutt nogelauschtert hätt der Madame Lorsché, dann hätt Der erausfonnt, dass wahrscheinlech mat eiser Method fir virzegoen d'Strooss éischter gebaut gi wier.

► **M. le Président.** - Den Här Engel ass et ganz eleng, deen d'Wuert huet. Wann ee gär dem Här Engel eng Fro stellt, dann...

► **M. Camille Gira (déi gréng).** - Gitt emol op Helleng kucken!

► **M. François Bausch (déi gréng).** - Den Här Engel stellt hei Behauptungen op, déi...

► **M. Camille Gira (déi gréng).** - Kuckt lech Helleng emol un!

(Brouhaha)

► **M. le Président.** - Här Engel, schwätzt Dir virun!

► **M. Camille Gira (déi gréng).** - Den Här Goebels hat schonn eng Kéier gemengt, e kéint iwwer europäesch Direktiven ewechgoen. D'Resultat ass Helleng.

(Interruption)

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Fir dass mer eng dynamesch Entwécklung souwuel am Süde wéi och am Rescht vum Land kréien, duerfir kritt Der och den Accord vum der sozialistescher Fraktioun fir dëse Projet.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Engel. Als nächste Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt am Numm vum der ADR och dem Här Rapporteur, dem Här Marc Spautz, villmools Merci soe fir deen exzellente Rapport.

D'ADR stëmmt dëse Projet awer net, aus enger Rei vu Grënn, déi och am Rapport vum Statsrot schonn ugedeit gi sinn: de Saucissonnage procédural, deen effektiv net soll gemaach ginn, d'Konsequenzen op den Tunnel Éilereng, wou mir eis och Froe stellen. An och, Här Minister: Dir kennt eis vläicht soen, wie vun de Sécherheetsdëngschter responsabel wär, wann op deem Trongon eppes géif geschéien. Do gëtt et jo och Diskussiounen mat de Sécherheetsdëngschter vu Bieles a vun anere Gemengen, wien elo wierklech verantwortlech wär, wann elo do eppes géif geschéien.

Mä elo, well verschiddener vu menge Virriedner verwonnert waren, hunn ech och emol den Text hei gekuckt vum der Debatten 2003, wou mer dat Gesetz hei iwwert den éischte Projet gekuckt hunn, an do stellen ech emol als Allereischt fest, dass de Prinzip vum Pollueur-payeur, dee jo awer an der Législatioun vum 17. Juni '94 eigentlech en vigueur war hei am Land, net respektéiert gouf.

D'Sozialistescher Partei - deemools an der Opposition -, den Här Bodry hat geschwat vum enger deelweiser Ausserkraaftsetzung vum Gesetz iwwert de Pollueur-payeur-Prinzip. Haut héiere mer vum der sozialistescher Fraktioun keng Kritik.

Dann huet den Här Michel Wolter, sengerzäit Innenminister, wann ech mech net iren, gesot, si géifen d'ARBED net aus der Verantwortung entloosse beim Prinzip vum Pollueur-payeur, an do wär ëmmerhin zwee Joer driwwer verhandelt ginn, sengerzäit vum der DP, wann ech gutt informéiert sinn.

An dann hunn ech geduecht, wann hei de Prinzip vum Pollueur-payeur esou a Fro gestallt ass, dann hu bestëmmt déi gréng eng vehement

Ried do dergéint gehalen, well si si jo schliesslech déi, déi dorobber anscheinend ëmmer ganz vill insistéieren. Mä komescherweis hunn déi gréng an dësem Projet net geschwat, si hunn awer fir de Projet gestëmmt.

► **Une voix.** - Richteg.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - An do ass also fir mech emol eng Fro vum der Kredibilitéit vum enger Partei, déi ëmmer vum Prinzip vum Pollueur-payeur schwätzt, wann et ëm d'ARBED geet, an där hir Vertrieder - wéi och den Här Engel et ganz richteg gesot huet - zu Suessem an zu Bieles am Gemengerot op eemol déi richteg Wieder net méi fannen. Par contre...

► **M. François Bausch (déi gréng).** - Dir geheet alles e bëssen duerjerneen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Neen, neen, ech geheet dat net duerjerneen! An ech soen lech awer, wou déi gréng ganz staark sinn, wann et ëm de Prinzip vum Pollueur-payeur geet: Dat ass, wann et drëm geet, deenen einfache Leit d'Suen aus der Täsche ze zéien, zum Beispill...

► **Plusieurs voix.** - Aaaahhh!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - ...zum Beispill: net, wann d'ARBED misst Milliounen bezuelen, fir Terrainen ze sanéieren, mä wann et zum Beispill ëm den Tarif - hei, Här Gira! - geet vum der Dreckseemeren. Zoufällg ass mer elo e Rapport vum Käerjenger Gemengerot an d'Hand komm, wou och e gréng Vertrieder sëtzt,...

► **Une voix.** - Uhh, Mist! Uhhh!

(Brouhaha)

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - ...an ech lisen lech vir op Houdäitsch, wat hei steet, well do sinn déi gréng beim Prinzip vum Pollueur-payeur, wann et ëm déi normal Leit geet, op eemol ganz staark!

► **Une voix.** - Ah jo!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - An déi gréng - do steet et op Däitsch: „...sind erfreut, dass das lang ersehnte Eco Center seine Türen demnächst öffnet und somit neue Abfallgebühren nach dem System des «pollueur-payeur» eingeführt werden können.“ Mir félicitéieren deene Gréngen, wann et drëm geet, deenen einfache Leit an d'Täsch ze gräifen. Bei der ARBED hätte mer vum lech awer och méi Konsequenz a méi Courage kënnen erwaarden!

Wéi gesot, d'ADR stëmmt dat hei net...

(Brouhaha)

► **Une voix.** - Da sëtzt lech elo!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - D'ADR steet fir de Prinzip vum Pollueur-payeur, wann et och ëm déi grouss Industrië geet, an d'Gesetz vu '94 ass 2003 net respektéiert ginn, a mir sinn eis konsequent a stëmmen dat hei net, well an dësem Projet sinn 22,7 Milliounen Euro fir d'Évacuatioun vum Terres polluées. Dat wär an eisen Aen eng Dépense, déi d'ARBED hätt missen droen, an net de Lëtzebuerger Stat!

Ech soen lech Merci.

(Interruptions)

► **M. le Président.** - Merci dem Här Kartheiser. Als leschte Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Här President, mir hunn et hei mat engem Projet ze dinn, dee mat enger Gesamtlängt vum 3,3 km a mat engem Gesamtkäschtepunkt vun, ech mengen, iwwer 300 Milliounen wuel zu deenen deiersten an der Geschicht vum Stroossebau agoe wäert a wou souger vläicht d'Nordstrooss, proportional zu deem hei Projet, wann een d'Längt kuckt, scho bal gönschteg erschéngt.

(Brouhaha)

De Projet werft awer eng Rei vu Problemer op.

Éischtens demokratescher; op déi ass schonn hei higewise ginn. De Statsrot huet net nëmme vum engem klengen Saucissonnage geschwat, Här Spautz. En huet gesot, e géif «à l'encontre des principes de la transparence et de la bonne gouvernance» goen an «risque de compromettre la liberté décisionnelle de la Chambre des Députés». Dat muss de Statsrot eis soen!

Zweetens ass dat hei jo e grenziwwerschreidende Projet, deen nëmmen e Sënn ergëtt, wann en op der franséischer Säit ka virugefouert ginn. An do sinn eng Rei Problemer, déi effektiv net ugepaakt gi sinn an déi riskéieren dee ganze Projet nach weider an d'Längt ze zéien. An déi baséieren awer op Argumenter, déi awer wahrscheinlech e gewëssene Sënn er-



ginn, an et weess een net, wéi dat a Frankräich, déi Prozedur do, ausgoe wäert.

En décke Batz vun deenen Ausgaben hei stellt d'Sanéierung vun Terrainen duer. Dat ass awer e wichtige Punkt hei. An hei gëtt effektiv net de Principe „pollueur-payeur“ ugewannt, mä de Stat iwwerhëlt hei bal d'Gesamtheet vun deene Käschten: 33,6 Milliounen Phas eent an zwee. Et kommen nach 26 Milliounen Sanéierungskäschten elo derbäi. Also insgesamt 60 Milliounen indirekt Subventionne vum Stat un de Pollueur ArcelorMittal - deen als Merci dofir därer Stolstanduerter zrëckbauen zu Rodange an zu Schëffleng an zu Diddeleng.

(Interruptions)

Dofir, Här President, ech sinn och der Mee-nung, d'Liaison Micheville ass néideg fir d'Gemengen Esch a Suessem. An normalerweis géif ech och d'Liaison Micheville stëmmen, mä ech wëll mech awer hei enthalen, fir mäi Protest auszedrécke géint déi Émstänn, ënnert deenen dee Projet hei virbruecht ginn ass.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Urbany. Elo kritt d'Wuert den Här Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Merci, Här President. Ech wollt am Fong net un d'Riednerpult kommen, well et de Basismodell war. Mä op dat, wat ech elo héieren hunn, muss ech awer e puer Saache soen trotzdeem. Awer ganz sécher!

Also fir unzefänken, ech fannen et trotzdeem eng Zoomuddung, wann hei gesot gëtt, dass déi Aart a Weis wéi hei géif gefuer ginn - mam Saucissonnage an Ähnlech -, dass dat elo hei als Reproche gemaach gëtt. Ech wëll lech just drun erënneren...

(Brouhaha)

Jo, de Statsrot, dee kann dat soen, mä heiban-nen...

(Interruptions diverses)

Also, dass e puer Leit dat heibanne soen, fan-nen ech nu wierklech eng Zoomuddung, well genau dat, wat mer elo maachen, de Prinzip ass, dee mer 2005 zesumme mat der Comexbu gemeinsam festgehalten hunn, fir esou Projeten, wéi dat hei, ze géréieren.

(Brouhaha)

Dat ass nämlech sengerzäit gesot ginn. An ech kommen duerno op der Nordstrooss nach eng Kéier drop zrëck, well genau do dat net ge-schitt ass, wat mer hei gemaach hunn. An dofir hu mer jo déi vill Problemer op der Nord-strooss.

Hei hu mer gesot, esou e grouse Projet wéi dat hei,...

► **Une voix.**- Net nëmmen dowéinst!

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- ...mat esou vill Investissemter, déi mer hei maachen, wéi mer se hei maachen, mat all deenen Aléaen, déi an esou Projeten dra sinn, ass net maîtrisabel iwwert déi laang Durée, déi en huet, wann et net an e puer Etappe gemaach gëtt.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Dee Prinzip hu mer gemeinsam an der Chamber, de Ministère, d'Regierung mat der Chamber fest-gehalten. A mer hu gesot, op esou e Projet wéi dat hei applizéiere mer deen elo.

An elo kommen ech heihinner bei der drëtter Phas a kréien da gesot: Dat ass awer eng Saue-rei, dass Der elo bei deem Projet dee System applizéiert, deen d'Chamber gesot huet, dass ech soll applizéieren! Mä da mussst Der awer wëssen - fir déi Leit, déi dat soen -, wat Der wëllt, entweder dat eent oder dat anert. An ech gi recht deene Leit, déi mer 2005 gesot hunn, ech soll et esou maachen, well et esou déi een-zeg Aart a Weis ass, fir dee Projet am Grëff ze behalen. Anescht geet et net, mat där Enver-gure, mat där Technicité, mat deenen Aléaen, déi mer op esou engem Projet hunn. Dat emol ganz kloer gesot.

Zweete Punkt, et gëtt gesot, dee Projet ass schrecklech deier.

(Interruptions)

Jo, dee Projet ass schrecklech deier. Mä firwat ass en da schrecklech deier? Elo soen ech lech awer och, mir haten eng laang Diskussioun och an der Chamber iwwert dee Projet.

(Brouhaha)

An an där längerer Diskussioun, wou mer ge-meinsam festgeluecht hunn, wéi mer da Belval wëllen entwëckelen, wou mer gemeinsam ge-sot hunn, dass mer géifen urbanistesches alles maximal esou maachen, dass en eng Chance hätt, fir sech ze entwëckelen, wou mer déi ganz Strooss ënnert de Buedem geluecht hunn, wou mer genau woussten, dass dat polluéierte Bue-dem wär. Dat hu mer jo awer gemeinsam hei décidéiert. Dat wollte mer jo awer gemeinsam. Well mer net wollten, dass dee Projet sollt en Échec ginn, well mer wollten all Kaarten op ei-ser Säit hunn. Laang Diskussiounen!

A wann ech mech un déi Diskussiounen gutt erënneren, hätt d'Chamber zu engem Deel nach gär méi gehat, dass mer nach méi investéieren. Deen Tunnel sollt nämlech nach méi laang ginn am Ufank. Mir hunn en nach re-duzéiert an der Kierzt. An elo kréie mer da ge-sot, elo hu mer dat alles gemaach, elo kréie mer gesot: En ass vill ze vill deier!

Jo, et muss een awer wëssen, wat ee wëllt, wann een dat do fret. Ech kann net dat eent an dat anert maachen. A mer hunn hei eng uerdentlech Mëtt gewielt.

(Brouhaha)

En ass deier, mä dee Projet Belval gëtt duerno vum urbanistesche Standpunkt aus, vum Ent-wëcklungsstandpunkt aus, hoffen ech, en uer-dentleche Projet, deen eng Zukunft huet. An et ass esou wéi mer eist Land wëllen entwëckelen, hu mer gemeinsam festgehalten. D'Regierung setzt dat duerch, och wann dann elo gesot gëtt, dass wär net gutt, wat viru fënnef Joer ge-meinsam oder virun zéng Joer gemeinsam hei décidéiert ginn ass.

Dann déi Geschicht vum Pollueur-payeur. Also elo verstinn ech dee Prinzip jo alles. Mä ech wëll just soen,...

(Brouhaha)

...et muss een awer och...

(Interruptions diverses)

Jo, ech weess ni, op wien ech soll kucken, wann ech esou a Form sinn. Mä ech wëll awer just nach eng Kéier kuerz erënneren, wéi déi ganz Saach...

► **Une voix.**- E kuckt! E kuckt heihinner! E kuckt heihinner!

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Mir wësen, dass mer an der ganzer Diskussioun, déi mer haten, wou Prinzipien, wou Agora ge-grënnt ginn ass, wou och mat der Arcelor, mat ARBED sengerzäit, Diskussiounen gelaf sinn, dann ass iwwert d'Reutilisatioun vun deem Ter-rain hei diskutéiert ginn. An do sinn och vun där deemoleger Regierung, där virvireschter, eng Rei Prinzipië festgehalde ginn. An déi Zäit ass dat, wat als Prinzipië festgehalde ginn ass, en anert Belval gewiescht, aner Entwëcklungsprinzipië gewiescht wéi déi, déi haut festgehalde sinn.

Du war geduecht fir eng Rekonversioun vun enger Friche ze maachen an eng «Zone d'acti-vités mixte à caractère industriel». Déi Zäit war geduecht fir d'«fondation sur sol des futures immeubles» ze maachen, an dee Moment wa-ren d'Terrassementer an d'Assainissementer am Fong extrem redzéiert, well net an de Buedem eragaangen ass. An et waren och keng Interak-tiounen vun de Résiduë vum Processus des hauts-fourneaux respektiv mam Plateau du Saint-Esprit sengerzäit virgesinn, wéi all déi Kontrakter ofgeschloss gi sinn.

Et ass also eréischt am Nachhinein, wou dee ganze Konzept no laangen Diskussiounen geän-nert huet, wou a sech och aner Konsequenze sech draus entwëckelt hunn, wou méi huet mis-sen assainéiert ginn. A wou dee Moment och d'Präisser, nodeem dass de Kontrakt schonn ofgeschloss war, wou d'Präisser dee Moment och an d'Luucht gaange sinn.

Ech abréviéieren elo déi ganz Geschicht, well se ass nach vill méi laang. Mä ech wëll just soen, dass de Prinzip, nodeem dass ofgemaach gi war, wie wéi géif bezuelen, duerno geännert ginn ass, an zwar och vum Stat a vun der Chamber, mat deene ville Gesetzter, déi gestëmmt gi sinn, fir déi Ännerungen erbäizeféieren. An dat ware mir als Stat respektiv als Chamber, déi dat esou wollten, fir et esou ze maachen.

Dofir, ech wëll dat just an eng Perspektiv set-zen, fir d'Realitéit vun der Geschicht erëm e wéineg anescht awer trotzdeem ze maachen, wéi se elo hei beschriwwen ginn ass.

An dann déi Geschicht mat Frankräich. Also mir hu mat de Fransousen sengerzäit e Kontrakt ofgemaach. An ech si bis elo dovun ausgaan-gen, dass mir deen Deel vun deem Kontrakt, wou mir eis engagéiert hunn ze maachen, dass mir dee sollte respektéieren, well mir all Inté-rêt hunn, dass dat Esch/Belval oder dat Belval sech esou schnell wéi méiglech soll entwëckelen. An ech hu bis elo och ëmmer komescherweis insis-

téiert, dass d'Fransousen esou schnell wéi méig-lech sollte maachen an dass och op franséischer Säit sollt eppes geschéien, well ech gemengt hunn, dass et wichtig wär och fir d'Ent-wëcklung vu Belval, wa mer deen Accès aus dem Süden an aus Frankräich hätten, an zum ganze Konzept gehéiert deen och dozou.

An dofir mengen ech natierlech muss déi Stroosseféierung op franséischer Säit no all de juristesche Kritären, no den europäeschen Di-rektive gemaach ginn, déi musse sinn. Dat stellt jo och keen a Fro. Mä ech muss awer och soen, dass ass awer un der franséischer Säit, dass ze léi-sen. Si müssen déi legal Contrainten, déi euro-päesch Contrainten anhalen. Si si responsabel, fir déi ze maachen. Dat kënnst Der awer elo net der Lëtzebuerger Regierung virwerfen, dass déi eng oder aner Fro sech a Frankräich eventuell stellt. Ech kann och net novollzéien, wéi wäit se sech stellt oder net.

D'Fransousen hu kontraktuell mat eis en Ofkommes gemaach. A wann Der elo sot, mir stëmmen elo deen hei Deel net vun där Liaison Micheville, da muss ech lech awer soen, deen hei Deel, dass ass awer net deen, deen a Frank-räich eriwvergeet. Deen, deen a Frankräich eriwvergeet, deen ass scho gebaut. Dee steet awer scho säit dräi, véier Joer do. An déi Plaz, wou deen ukënnst, déi ass scho laang fäerdeg.

Dat, wat mer elo hei bauen, dass ass deen drët-ten Deel. Dat geet op der N31 op Suessem un, dass heescht, wäit an eist Land schonn eran. An dat geet a sech drëm, fir vun där Strooss aus ronderëm ganz Raemerich bis op d'Escher Autobunn ze fueren. Dat heescht, dass huet awer nu strictement näischt ze di mat deenen Accèsen. Hei änneren ech näischt méi un iergendengem Accès a Frankräich, well deen ass scho säit Jore fäerdeg. An deen ass säit iwwer zéng Joer schonn op där Plaz fest-gehalten, wou e festgehalten ass.

Duerfir, ech verstinn, dass een et net stëmmt, mä ech wëll och dat nach eng Kéier richtegset-zen. Hei empéchéiere mer, ob mer dat hei elo bauen oder net, strictement näischt zu deem franséischen eventuelle Problem, dee sech ka stellen. Hei verbessere mer just den Accès vun der Autobunn vun der Escher Säit eraus a mir verbessere wesentlech den Accès, deen een op Belval misst maachen.

Well géife mer dat hei net bauen, da misst dee ganzen Accès iwwert de Rond-point viru Belval geschéien. An Dir wësst, wa mer Rockkonzer-ten hunn oder wa grouss Aktivitéiten do sinn - an ech denken, wann d'Uni bis elo 2014 hir Dieren do opmécht, dann hu mer massiven An-drang do -, wat fir Problemer sech géife stellen, wa mer net déi Infrastrukturen alleguer maa-chen, eleng schonn op Lëtzebuerger Säit, fir deen Accès, dee mir zum Site brauchen. Dat wollt ech awer nach, quitte dass et e Basis-modell war, dozou soen.

Ech soen all deene Leit, déi de Projet ënner-stëtzen, villmools Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Nohal-tegkeetsminister. Domadder ass d'Diskussioun iwwert dëse Projet ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6395 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi per-séinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6395 ass ugehall mat 47 Jo-Stëmmen, géint 4 Nee-Stëmmen an 8 Enthal-lungen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6395 est adopté par 48 voix pour, 4 voix contre et 8 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Marcel Oberweis), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par Mme Nancy Arendt), Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Serge Wilmes), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot (par M. Roger Negri), Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Fer-nand Etgen), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Claude Meisch), MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner.

Ont voté non: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch, Félix Braz (par M. Camille Gira), Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

M. Serge Urbany.

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Eisen nächste Punkt ass de Projet de loi 6396 iwwert d'Nordstrooss. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo...

(Interruption)

Mir hunn nach eng Motioun. Jo, mir kënnen iwwert déi Motioun vum Här Michel Wolter nach vläicht direkt ofstëmmen. Ech ginn der-vun aus, déi gëtt nach eng Kéier exposéiert. Den Här Wolter kritt nach eng Kéier d'Wuert.

10. Motion de M. Michel Wolter relative à la procédure de marché public pour inviter le Gouvernement à lancer la procédure de marché public pour inviter des opérateurs économiques à faire des offres pour la conception, le déploiement, l'opération, l'entretien et la maintenance d'un réseau de radiocommunication numérique dédié aux services de secours et de sécurité et pour inviter le Gouvernement à déposer au cours de l'année 2013 un projet de loi d'autorisation concernant le projet définitif

Exposé

► **M. Michel Wolter (CSV), auteur.**- Här Pre-sident, léif Kollegen, ech wollt just nach eng Kéier kuerz awer erklären, wat mer hei maa-chen. Well ech wierklech muss soen, och no där Debatt, déi mer elo just haten, dass sech säit 2004 an der Chamber relativ viles geän-nert huet.

Dass den Här Wiseler an all deene Joren, ze-summen notament mat der Comexbu, eng ganz Rei vu Prozeduren opgestallt huet, déi derzou gefouert hunn, dass mer bei der Liaison Micheville notament an dräi Partië gefuer sinn, an déi och an dësem Fall, dee mer hei diskutéieren, no enger Diskussioun der Re-gierung d'Méiglechkeet solle ginn, fir d'Éischt ze kucken, ob an engem Projet d'Faisabilitéit an d'Finanzementsméiglechkeeten do sinn an dann d'Chamber mat engem Projet de loi ze saiséieren, deen dann alle Komponente Rech-nung dréit, während dass fréier quasi net méig-lech war. Dass fir d'Éischt huet misse e Projet de loi gemaach ginn, an dann hu mer duerno eventuell festgestallt, dass et net esou gaangen ass, wéi een et gär gehat hätt.

Ëm wat geet et an deem heite prezise Fall? Et geet drëm, dass eis Sécherheets- an eis Ret-tungsdéngschter bei hiner Aarbecht vu perfor-manter, vertrauenswürdigen a gesécherter Kommunikatiounsmëttel ofhänken. Dass déi Technologien an déi Komponenten, mat deenen d'Sécherheets- an d'Rettungsdéngschter zu Lëtzebuerg schaffen, dass déi un en Enn kommen. Dass säit enger ganzer Rei vu Joren driwwer diskutéiert gëtt, de bestehende Sys-tem, deen, mengen ech, aus de 70er, 80er Jore vum leschte Jorhonnert nach staamt, fir deen ze ersetzen.

Experte vum Réseau Radio Intégré hunn d'Méi-glechkeet vun engem numeresche Radiosré-seau analyséiert an enger éischter Phas. An enger zweeter Phas huet de Statsministère am Juli 2011 e Groupe de pilotage agesat, mat all deenen, déi den integrierte Radiosréseau benotzen, an huet d'Méiglechkeet vun engem numeresche Réseau analyséiert, opgrond vun den Erfahrungen, déi an eisen Nopeschlänner domadder gemaach si ginn.

D'Regierung huet dann an hirem Conseil de Gouvernement den 20. Januar 2012 beschloss, fir d'Entwëcklung an d'Asetze vun engem nu-meresche Radiosréseau fir Rettungs- a Sécher-heetsdéngschter un e wirtschaftlechen Opéra-teur weiterzegegn. Vu dass dëse Projet awer komplex an aussergewöhnlech ass, ass et schwéier, an Viraus souwuel déi bescht tech-nesch Méiglechkeet fir d'Asetze vun esou engem Réseau ze apprécieiere wéi och déi fi-nanziell Dimensioun kënnen anzeschätzen.